# Filmer maachen, jhust Filmer maachen

## Interview mam Pol Cruchten

*"forum": Wéi bass de drop komm, Filmer ze maachen?*

**Pol Cruchten:** Et as am Fong ganz natiirlech komm. Ech si mat siwe Joer, also ganz fréi, schon ëmmer gär mat méngem Bop an de Kino gaang. Ech hat dunn e Kolleg, deen as haut Filmhistoriker - an Historiker tout court -, de Paul Lesch, deen och deemools siwe Joer hat. Mat deem hun ech ëmmer Filmartiklen ausgetosch a mir hun zesummen iwwer Filmer diskutéiert.

*"forum": Mat siwe Joer?*

**Pol Cruchten:** Jo, siwen, aacht, néng Joer, dorëmmer. Fir de Paul war et ëmmer kloer, dat hie géif Geschicht maachen, mä ech sin am Fong méi drun intresséiert, Filmer ze maachen, wéi driwwer ze schreiwen oder se z'analyséiren. Wann se mech an der Schoul gefrot hun, wat wëlls de maachen, hun ech ëmmer gesot: Ech wëll Filmer maachen. Ech gin gären op eng Filmschoul. Mat 15 Joer wollt ech och Rockstar gin, mä ech mengen dat war jhust eng Niewenerscheinung vun der Pubertéit, dat hun ech no engem Joer falle gelooss. Du hun ech mech erëm fir de Film intresséiert a soss as et ni eppes anescht gin.

Filmer maachen, jhust Filmer maachen. Dat as dat eenzegt, wat ech wierklech wëll.

*"forum": Kanns de dech un den éischte Film erënneren, deen dech markéiert huet?*

**Pol Cruchten:** Jo, dat war den "Once upon a time in the West" vum Sergio Leone, 1972, du hat ech néng Joer.

*"forum": Wat sin d'Réalisateuren an d'Filmer, déi's de am léifsten hues?*

**Pol Cruchten:** Lumière, Méliès, Welles, Rossellini, Tarkowski, Fritz Lang, Godard, Pialat... domat hätt et sech scho bal. Soe mer nach, wéins der Form, de Scorsese an de Coppola. Déi Cinéasten, déi mech am meeschten emmerdéiren, zemols haut am Kino, dat sin sou Cinéasten wéi den James Cameron, deen den "Terminator 2" gemaach huet, an de ganzen amerikanesche Schäiss de momentan gemaach gët, am europäeschen an am amerikanesche Kino.

*"forum": Wat zum Beispill am europäesche Kino?*

**Pol Cruchten:** Zum Beispill eng gewëssen Zort franséischen Auteurskino, oder verschidde Filmer, déi wierklech jhust gemaach sin, fir an hirem Land gewisen ze gin an déi et nët packen, iwwer d'Grenzen ze kommen. Och europäesch Zoppeproduktiounen, wéi ech dat nennen, "Pascali's Island" zum Beispill.

*"forum": Bei de Cinéasten, déi's de gären hues, hues de den David Lynch nët genannt. Et as awer un deen, wou den "Hochzäitsnuecht" e wéineg erënnert. Hues de guer nët do dru geduecht, wéis de de Film gedréit hues?*

**Pol Cruchten:** Fir mech op d"Hochzäitsnuecht" virzebereeden, hun ech e puer Filmer gekuckt. Ech maachen dat ëmmer, wann ech eppes dréinen. An och Texter iwwer Kino gelies. Ech hun eng Biografi iwwer de Godard gelies an Texter vum Godard selwer. Ech hun dem Lynch säin "Twin Peaks" gekuckt, de Pilotfilm; de "Batman" vum Tim Burton, deen ech als en absolut geniale Film vum leschte Jorzéngt aklasséiren; an de "Raging Bull" vum Martin Scorsese. Ech hun och dem André Mergenthaler d'Musek vum "Twin Peaks" gin.

*"forum": Du hues mam Paul Scheuer gedréit, deen eng aner Usicht vu Kino huet (1). Wéi sid der dann eenz gin?*

**Pol Cruchten:** Mir sin am Fong ganz gutt eenz gin. Am Film as de Paul gutt. Mir hun e wéineg zesummen geprouft, nët laang, zwou Stonnen virdrun. Während dem Film huet heen op méng Indikatiounen gelauschtert. Dat as ouni weider Problemer iwwer d'Bühn gaang.

*"forum": War en ni a Versuchung anzegreifen an eppes ze soen?*

**Pol Cruchten:** Nee, e war ni a Versuchung bei der Mise en scène selwer anzegräifen. Ni.

*"forum": Huele mer emol un, du häss en illimitéierten Budget an du kéins dréinen, wats de wëlls, wat fir e Film géifs de da maachen?*

**Pol Cruchten:** "Somewhere in Europe".

*"forum": Als Laangfilm?*

**Pol Cruchten:** Jo. D'Suite vu "Somewhere in Europe". Dat wier nët méi déi nämlecht Geschicht. Ech kann der dat erzielen, well et as wierklech e Projet, den ech hun. Et as e Science-Fiction-Film, deen an der noer Zukunft an Europa spillt an et as d'Liewen vun engem Serie-Noire's Schrëftsteller, deen an dem Europa liewt, an deen hallef dem Alkohol an hallef den Drogen verfall as. Et soll e moderne Remake vu "Rio Bravo" gin, mat vill Gefiller.

*"forum": Am "Hochzäitsnuecht" sin immens flott an zimlech ongewinnte Biller vun der Stad. As daat en Aspekt, den dech besonnech interesséiert huet?*

**Pol Cruchten:** Wat mech an all Film immens staark interesséiert, as Europa: d'Verschwanne vun de Grenzen, d'Immigratioun - ech sin nët géint d'Immigratioun, tout au contraire -, Drogen, d'Prostitutioun, Amerika, dat ëmmer méi e groussen Afloss kritt. Wanns de haut duerch d'Stad gees, wees de nët, ops de engem Lëtzebuerger begéins oder engem Amerikaner, well se de selwechten Tee-Shirt an déi selwecht Baseballskap unhun. D'Mythen gin immitéiert, et gët alles imitéiert. Et gët eng Kulturzopp. Mir gin owes heem, mir hu 25 Televisounschainen, wou mer kënne kucken wéi d'Serben an d'Kroaten uneneengin, wéi d'Berliner Mauer a wéi de Kommunismus fällt. Europa probéiert awer nach emmer op séngen ale Wäerter, wéi op engem Kinnegsthroun sëtzenzebleiwen, wéi wann et deen ëmmer hätt. Et huet deen effektiv nach, mä et muss awer dru geschafft gin... Dofir as och hei am Film ni gesot, dat et sech zu Lëtzebuerg ofspillt. Fir mech as dat Ganzt eng Trilogie, déi a méngem Kapp ugefaangen huet mat "Somewhere in Europe", mam Kuurzfilm. Et sollen dräi Filmer gin, déi all Kéiers mat der Stad a mat de Mënschen an der Stad ze din hun. An déi Stad as all Kéiers Europa an si as ni an der Zäit festgesat. Hei, am "Hochzäitsnuecht" kanns de nach soen, et sin d'90er Joren. En aneren Film spillt och an der Zukunft, do géif scho méi staark den Science-Fiction-Aspekt erauskommen, an de leschten Deel wär "Somewhere", de Film, fir dat ze boucléiren. Et as am Fong e Bericht iwwer Stied a Personnagen, a Leit, an Europa.

*"forum": "Hochzäitsnuecht" war jo e "film de commande". D'Videopress hat d'Theaterstéck, op deem de Film baséiert, erausgesicht, iers du eppes domat ze din has. Wéi hues de dat dann ugepackt?*

**Pol Cruchten:** Nee, si hun et nët erausgesicht ouni dat ech eppes domat ze din hat. Ech sin op Frankfurt gefuer an hun do mat europäeschen Produzenten geschwat. Déi hu mer gesot, et gingen zwee Themen gin, déi am Moment fir d'Tele gesicht gin: Drogen an AIDS. Ech hu gesot, AIDS as onméiglech - do muss een sech ménger Meenung no véier Joer laang de Kapp zerbriechen, fir do eppes Guddes ze maachen - Drogen as méi einfach. Du huet ee mer vun dem Theaterstéck "Frësch bestued" geschwat, dat zu Lëtzebuerg opgefouert gi war. Ech hun et geholl, gelies a schlecht fond an du hun ech mer gesot, aus engem schlechten Theaterstéck kann e vläicht e gudde Film maachen. Et as méi schwéier aus engem gudde Buch e gudde Film ze maachen wéi aus engem schlechte Buch e gudde Film ze maachen, d'selwecht mat engem Theaterstéck. Ech si guer nët

**Wat mech an all Film immens staark interesséiert, as Europa: l'Verschwanne vun de Grenzen, d'Immigratioun - ech sin nët géint d'Immigratioun, tout au contraire - , Drogen, d'Prostitutioun, Amerika, dat ëmmer méi e groussen Afloss kritt.**

géint Kommanden. Well ech wëll schaffen. Wéi e Serie-B's Réalisateur, vun 8 bis 12 a vun 2 bis 6 am Studio dréinen. Science-Fiction-Filmer, Horrorfilmer, Dramen, an all Zorten vu Saachen experimentéiren.

*"forum": Dem "Hochzäitsnuecht" - an nach vläicht méi dem "Somewhere in Europe" - as virgehäit gin, dat se zwar formal an technesch ganz soignéiert sin, awer vum Szenario hier manner iwwerzeegent. Beim "Somewhere in Europe" haten d'Leit de Problem, dat se nët sou richteg wossten, wat se mat dem Film sollten ufänken. Et sin och Leit, déi hu gemengt, et wier éischter dem Directeur de la photo säi Film wéi engem Réalisateur säin.*

**Pol Cruchten:** Wéi ech dem Daniel Barrau (2) dat do erzielt hun, huet e gelaacht. E sot, dat wier typesch fir Leit, déi vun näicht eng Ahnung hun, well d'Foto vun engem Film signéiert ni den Directeur de la photo, déi signéiert ëmmer de Réalisateur.

Wat den Inhalt uget, mengen ech, dat d'Leit ni Problemer hun mat engem Inhalt den einfach as. Wann awer den Inhalt, zemols am Kino, nët de gewinnten, virmâchéierten as, hun d'Leit immens Problemer domat. Souwisou wollt ech keng Geschicht erzielen mat dem Film. Ech wollt keng Assurance-Geschicht erzielen an keng béis Mamm weisen. Dorëms gët et nët. Et get em d'Gefiller an dat een eng Notioun kritt vu Verlourenheet, datt mer alleguer iergendwéi verluer sin. De Christian steet nët fir en Drogenjunkie ënner Honnertdausenden, e steet am Fong geholl fir eis alleguerten. D'Drogen am Film kéinten och d'Suen sin, dat kéinten Dausend Saachen sin. Den Tony seet jo och: "Ech sin e Spigel, ech gin de Leit wat se wëllen, Suen, Pleséier, alles vun all Zort."

Ech hun hei eppes immens Interessantes iwwer d'Publikum fond. Et geet iwwer d'Filmer vum Jean-Marie Straub an dem Danièle Huillet, déi immens wéineg gekuckt gin: "Je me souviens que Jean-Marie m'a raconté qu'un ami à lui avait un ami, un ouvrier ou un paysan, en tout cas pas un petit bourgeois, qui avait vu un de leurs films et qui lui avait dit en substance: 'On a vu un truc à la télé l'autre soir, c'était bien, c'était pas ce qu'on voit d'habitude. Il y avait des choses qui ressemblaient aux choses.' Il suffit pour les Straub qu'il y ait une personne qui sente que c'est différent que d'habitude, qu'un autre ait le sentiment que quelque chose d'autre est possible pour que leur travail soit légitimé. Le public, c'est toujours un, et quand il manque, comme dit Lacan, il manque à sa place. Sinon, c'est de l'audience ou des parts de marché, c'est-à-dire une fraction, un lobby, un pourcentage. Le passeur est peut-être celui qui se souvient que la vraie communication, celle qui a laissé des traces dans sa vie, n'est pas celle qu'on a voulu lui imposer, mais celle qui s'est faite presque furtivement, transversale et anonyme. Plus on va loin dans la connaissance de son public, plus on se met à son service, mais alors on ne passe plus rien, on devient une passoire, on fait un autre métier qui d'ailleurs paie beaucoup plus." (3)

*"forum": Ech mengen jhust, dat et awer kee Film as, den e grousse Publikum unzitt.*

**Pol Cruchten:** Do gin ech der Recht. Mä op de grousse Publikum äntweren ech der dat hei: Wann ech elo dräi Leit begéinen, déi mir soen, de Film géif engem Besoin vun hinnen entspriechen, dann as de Film fir mech gelongen, da sin ech frou.

*"forum": Mir hu scho vum Paul Scheuer geschwat. Wéi sin déi aner Schauspiller erausgesicht gin? Zu Lëtzebuerg gin et der jo nët vill. Hëllt een dann nët éischter einfach déi, déi do sin, amplaats e Choix ze maachen?*

**Pol Cruchten:** Nee, ech hun wierklech e Casting gemaacht. Mä et as wouer, du hues fënnef Leit a vun denen hëlls de dann deen, deen am meeschten gemaacht huet. Me de Paul Hoffmann an de Frings wollt ech ëmmer huelen. De Jean-Paul Maes as e 'private joke', well en d'Theaterstéck gemaacht hat.

*"forum": Wéi bass de un den André Mergenthaler komm fir d'Musek?*

**Pol Cruchten:** Ech hun de Mergenthaler eng Kéier gefilmt. Den André Mergenthaler huet viru véier Joer hei zu Lëtzebuerg e Concert gin, am Théâtre des Capucins, an do hun ech en mam Paul Lesch op Video 8 gefilmt. Ech hun en do kennegeléiert an ech hu séng

**Et as méi schwéier aus engem gudde Buch e gudde Film ze maachen wéi aus engem schlechte Buch e gudde Film ze maachen.**



*"Hochzäitsnuecht": Thierry van Werweke (Photo: Anouk Antony)*

Musek immens intressant fond. Ech sot em, bei méngem nächste Film géif ech mat him d'Musek maachen. Dräi Joer drop hun ech e Film gemaacht. Ech hun em dunn direkt ugeruff.

*"forum": Wéi hut der dann dorun geschafft?*

**Pol Cruchten:** Virum Tournage hu mer immens vill iwwer Film an iwwer Musek geschwat. Ech hun em och CD'en geléint, fir em d'Stëmmung vum Film z'erklären. Du as gedréit gin, an den André Mergenthaler hat och eng kleng Nieweroll. Wéi dono den éischte Montage, de "bout-à-bout", fäerdeg war, krut hien direkt eng Videokassett dovun. Ech si praktesch zweemol an der Woch mat der Monteuse bei heen an den Tounstudio gefuer a mir hun eis d'Saachen ugelauschtert. Ech hun da gesot, dat do as sauschlecht, dat do kënnt eraus, dat do as gutt. D'Opermotiv um Enn vum Film wollt ech vun Ufank un. Vun Ufank un wollt ech de Schluss vum Film als Oper gesin, also immens tragesch, iwwerspëtzt. Et as och en Harmonikasmotiv dran, ech hun em vum Ennio Moricone geschwat. D'Kollaboratioun un der Musek war ganz intensiv, a ganz gutt, vun zwou Säiten aus, dat siet hien selwer.

*"forum": As d'Indianergeschicht am Film erfond?*

**Pol Cruchten:** Déi as erfond, vu mir a mengem Szenarist. Mir hu missten eppes fannen, wat dem Ganzen eng aner Dimensioun gët, wat nët eleng op den Drogen bleiwt. Et as och, fir den Zuschauer méi an d'Gefiller eranzebréngen, datt en nolauschtert, wat de Christian erzielt, mä datt en och déi Geräischer héiert, déi Musek héiert, dat en an eppes erakennt, an och wierklech mat deem Typ konfrontéiert gët, wat deen Typ as, wéi deen Typ as, dat en domat physesch konfrontéiert gët.

*"forum": D'Thema vum Kampf mam Béisen kennt ëmmer erëm am Film, zum Schluss och am Christian senger Mamm hirer Kummer, wou e Bild hängt: "St-Michel terrassant le dragon"...*

**Pol Cruchten:** Dat Bild as extra gemolt gin fir de Film, vun engem franséischen Dekorateur.

*"forum": Dat Bild steet awer méi an engem reliéisen Kontext. De Film as vun der Videopress produzéiert, et kënnt ee jo wuel nët derlaanscht fir vun dem reliéisen Aspekt ze schwätzen. As fir dech e reliéisen Aspekt dran?*

**Pol Cruchten:** Et kann een de Film och anescht gesin. Wat ech selwer ëmmer interessant fannen bei de Filmer, déi ech bis elo gemaat hun, as, wann ech e Film erëm kucken, muss ech praktesch eng nei Gebrauchsanweisung dofir fannen an ech kann de Film a ville verschiddenen Dimensiounen kucken. Du kanns hei och schwaarzen Humor dra gesin. Déi al Fra, déi komplett geckeg as, liewt jo praktesch an engem Sarkophag, an si huet sech mat reliéisen Relikten ëmzingelt an sech duerch de reliéisen Fanatismus selwer an den Wahnsinn bruecht. Da kanns de awer och dat Bild huelen, mam Engel, dee géint den Däiwel kämpft. Dat Schlecht géint dat Gutt. D'Liicht géint d'Däischtert.

D'Gesellschaft, d'Hochzäit am Film, dat as fir mech nët d'Famill, dat as ganz falsch. Fir mech as d'Gesellschaftsiessen d'Société̀it. An ët sin nët fir näischt Paläst mat grousse Seilen an engem risege Sall als Dekor erausgesicht gin. Dat as inspiréiert vum Pasolini sengem "Salo". Den Travelling, deen laanscht d'Leit geet, déi iessen, dee weist d'Gesellschaft. Et as eng dekadent Gesellschaft, déi Fester feiert, egal wat dobaussen geschitt.

*"forum": Zum Schluss bleiwt dach awer éischter dat Negativt hänken. Wéi stungen d'Leit vun der Videopress dozou? Hun se probéiert Ännerungen drun ze maachen?*

**Pol Cruchten:** Si hun keng Ännerungen gemaach, si hu guer nët agegraff, si hu mer eng komplett Fräiheet geloos.

*"forum": De Film sollt ursprünglech 15 Milliounen kaschten, e kascht der awer elo zwëschen 60 an 80 Milliounen.*

**Pol Cruchten:** De Film krutt déi Suen, déi e gebraucht huet.

*"forum": Wat war am deiersten?*

**Pol Cruchten:** D'Techniker an den Dekor. D'Techniker ware ganz deier. 60 bis 80 Millounen sin awer eng ridicul Zomm, mam Ausland verglach. A Frankräich as en normale Budget 15 Milliounen franséisch Frang.

*"forum": A Frankräich.*

**Pol Cruchten:** Jo. Mir mussen eis jo awer mat sou Länner vergläichen, wa mer eng Kéier wëllen eppes maachen. D'Auslänner pochen immens op technesch Qualitéit. An an dësem Film as d'technesch Qualitéit einwandfrei. Et as och eppes anescht, en Huis-clos ze dréinen mat fënnef Akteuren, wéi e Film ze maachen, deen eng Figuratioun vun 80 Leit brauch, 15 oder 20 Dekoren, déi alleguerten gebaut gi sin, asw. Den Hotel am Film as immens wichteg an deen Hotel hätt ech nët kënnen zu Lëtzebuerg fannen. Wann ech e klengen Hotel zu Lëtzebuerg geholl hätt, hätt et ridicul am Film ausgesin.

*"forum": Denken se bei der Videopress dann drun, nach e Film ze maachen?*

**Pol Cruchten:** Ech hun op alle Fall héiren, dat se drun intresséiert sin, weider ze maachen.

*"forum": An du géifs och nach eng Kéier mat Videopress zesummeschaffen?*

**Pol Cruchten:** Ganz kloer.

*Interview: Viviane Thill*

(1) De Paul Scheuer as och Realisateur an ee vun den Haaptleit vun der AFO. En huet haaptsächlech "Congé fir e Mord" an "Mumm Sweet Mumm" gedréint.
(2) den Directeur de la photographie vun "Somewhere in Europe" an "Hochzäitsnuecht"
(3) Serge Daney: "Devant la recrudescence des vols de sacs à main", Aléa Editeur